

# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

den Elchi mellt sech kuerz nom Studentebal mat den neisten News aus dem Schwarzwald zeréck.

## Réckbléck

Leider huet d'Wieder elo schonn dat zweet Joer hannerteneen dem Elchi seng Pläng fir Nationalfeierdag duerchkräizt. An trotzdem hu sech eng Rëtsch couragéiert Leit am Cheers zesummefonnt, déi dem stiermesche Wieder getrotzt an dem Heng all Éier gemaach hunn – an dat mat e puer klenge Specials! #mamSlufAmSuff ⚡

De 25. Juni war den Elchi mat e puer Membere bei Neuried Soccergolf spinnen. Bei sonnegem Wieder goufen hei d'Prezisioun an d'Technik vun de Spiller ènner Beweis gestallt. ⚽️

Fir direkt gutt an de Juli ze starten, waren d'Wäinconnaisseur\*innen aus der Elchefamill den 1. Juli de regionale Wäin op d'Freiburger Wäifest um Münsterplatz degustéieren. 🍷 Eise Fazit: de Wäin ass nawell gutt gerutscht! 😊



“Klein, aber fein” war d'Grupp, mat der den Elchi du sonndes wandere gaangen ass. Et war e flotten Tour iwwert de Feldberg a laanscht de Feldsee. Fir d'nächst Joer hofft den Elchi, datt hien nach e puer méi Wanderbegeeschtert kéint duerch eise schéine Schwarzwald féieren. 😊

## SLUF-Trikot

Dir kënnt iech momentan nach èmmer een vun eise wonnerschéinen neien Trikoten iwwert dëse Formulaire sécheren:

<https://forms.gle/4sC8yPj2jPYzxGSu6>

Awer net méi laang, dofir maacht iech bái!

Besonnesch interessant ass dat fir all déi, déi d'nächst Semester beim Tournoi de Noël wölle matmaachen! Awer och fir jiddereen, deen sech beim Sport maachen einfach gären zu de Faarwe vum Sluf bekennt! ❤️🦌

## Sluf Trikot 2022 Custom Design



(A jo, den Trikot huet och Äerm.)

---

Schwéieren Häerzens musse mir iech leider matdeelen, datt mir d'Straba-Party dësst Joer net können organiséieren. Bis zu Lescht hate mir nach Hoffnung, mee wéinst Covid ass dat leider nach èmmer net méiglech. Aus deem Grond hu mir dann elo d'Grillparty op de 16. Juli no vir gezunn. D'35-Joer-SLUF-Feier gëtt aus diverse Grënn an d'Wantersemester verluecht. Am Kalenner steet schonn de genauen Datum.

### Grillfest

“Grill ass un!” Net méi laang musst dir waarden, bis datt dir dës dräi wonnerschéi Wieder nees héiert. 🍔 Den Elchi invitíert nämlech op säi Grillfest de **16. Juli ab 16h um Grillplatz Silberdobel bei der Wonnhalde.**

Gesuergt ass fir:

- Grill(-material) a (Grill-)Meeschter 😊
- Béier, Radler, Wäin, Softdrinks an natierlech de legendäre Schwarzwald Caipi 🍺🍷🍊
- Béierpong, Spikeball, Flunky Ball, Musek, ... 😎🎵

Fir alles gutt plangen ze können, biede mir iech èm zwou Saachen:

1. Mellt iech bis de 14. Juli um 12h iwwer follgende Formulaire un:

<https://forms.gle/JGY5cMJYmUxTRj8v9>

2. Bezuelt eisem Tresorier:

- 15€ wann dir Member bzw. Suff-Tourist sidd
- 20€ als Net-Member

entweder als Digi op +352 621 712 204  
oder maacht eng Iwwerweisung: LU28 0019 5855 2238 5000

Aus organisatoresche Grënn misst dir dann är Gegrillts, Baguette, Teller esou wéi Besteck matbréngen. Zéckt och net är\*e Partner\*in oder Besuch vu Lëtzebuerg unzemellen a matzebréngen! 



### Hei de Kalenner mat alle weideren Eventer:

- |                    |               |
|--------------------|---------------|
| 16. Juli           | Grillfest     |
| 27. an 28. Oktober | Studentefoire |
| 4. bis 6. November | 35 Joer SLUF  |

De **Stammdësch** fënnt weiderhin **all Mëttwoch am Cheers** statt.

Haalt äert Gewei weiderhi schéi steif,  
Ären Elchi